# Lëtzebuerger Sprooch a Nationalitéit

De 5. November 2012 hat d'*forum*-Redaktioun op e Ronndëschgesréich iwwert d'Reform vum Nationalitéitegesetz invitéiert. Vun de ville Leit, déi komm waren, gouf hefteg iwwert d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch diskutéiert. De Michel Pauly huet sech seng Gedanken iwwert den Zesummenhank vu Sprooch a Nationalitéit gemaach, déi en eng éischte Kéier an enger Carte blanche de 9. November op RTL presentéiert huet an hei weiderspënnt.

Michel Pauly

Am Minister Frieden sengem Gesetz iwwert d'Naturaliséierung vun 2008 gouf fir d'éischte Kéier an e Gesetz d'Bedingung ageschriwwen, dass ee misst en Test am Lëtzebuergesche man, fir kënne Lëtzebuerger ze ginn. Am Rapport, deen den aktuelle Justizminister François Biltgen iwwert d'Ëmsetze vun deem Gesetz virgeluegt huet, kann ee liesen, dass manner wéi 20 Prozent vun de Kandidaten deen Test musse man, well di aner 4/5 dervun entbonne sinn. Vun deenen, déi den Test gemaach hunn, sinn der tëscht engem Véierel an engem Drëttel duerchgefall. Just ee Foffzéngtel bis een Zwanzegstel vun de Kandidaten hunn also di Lëtzebuergesch Nationalitéit nët kritt, well se d'Sprooch net gudd genug kënnen. Parallel kruten eng 400 Leit di Lëtzebuergesch Nationalitéit well hir Urbomi oder -bopi viru 1900 Lëtzebuerger war, och wann si haut kee Wuert Lëtzebuergesch méi schwetzen a weider am Ausland wunnen.

Ausländer, déi et wëllen, kënne fir 200 Stonnen vun hirer Aarbecht fräi kréie, fir Lëtzebuergesch ze léieren. Geet dat duer, fir eng Sprooch ze léieren, déi een am Alldag praktesch net brauch, well een op der Aarbecht, sief et op enger Bank oder um Bau, déi Sprooch ni ka gebrauchen. Kann een zu Lëtzebuerg iwwerhaapt matt nëmme Lëtzebuergesch iwwerliewen? Vill Ausländer, déi hei wunnen a schaffe, mussen op d'mannst zwou Friemsprooche léieren. Dass dann d'Lëtzebuergesch ze kuerz kënnt, kann ee verstoen.

Si mierke jo och, dass vill Lëtzebuerger selwer hir Sprooch net als vollwerteg ugesinn. Et ass och richteg, dass am Lëtzebuergesche kee Vokabulär fir den Droit oder d'Naturwëssenschaften zur Verfügung steet. Mä ëmmer méi Leit schwätze Lëtzebuergesch, wéi d'Etude vum Fernand Fehlen nogewisen hunn. An Tëschenzäit ass d'Sprooch och eng eegen Disziplin, iwwert déi op der Uni Lëtzebuerg, mä och zu Tréier an zu Sheffield gefuerscht an enseignéiert gëtt. An onse Schoulen awer gëtt se nach ëmmer als mannerwäerteg behandelt. Ech versti net, firwat net och kënnte Romaner an Theaterstécker vu Guy Rewenig, Rosch Manderscheid oder Néckel Helminger amplaz vu Gerhard Hauptmann a Siegfried Lenz oder Guy de Maupassant a Jean Anouilh, déi scho viru 50 Joer um Programm stongen, gelies a kommentéiert ginn. Och un Hand vun der Lëtzebuerger Literatur kann een de Sënn fir Ästhetik entwéckelen, philosophesch Froen diskutéieren, gesellschaftlech Problemer analyséieren. Muench Zäit kënnt een och gewannen, wann ee net géif d'Schüler zwéngen, de franséische Subjonctif Plusqueparfait ze drummen, dee kee Fransous méi gebraucht.

Wann d'Regirung also eng proaktiv Sproochepolitik géif bedreiwen, wa mir ons eege Sprooch géife seriö huelen, statt ze mengen, et kënnt een se egal wéi schreiwen, da bräichten och di nationalistesch Kreesser keng Angscht méi ze hunn, dass duerch d'Naturaliséierung vun e puer Dosen Ausländer, déi kee Lëtzebuergesch schwetzen, d'Welt ënnergeet. A fir

**Vill Ausländer, déi hei wunne bleiwe, verstinn d'Naturaliséierung als Verwuerzelung an enger neier Hémecht**

eng aktiv Sproochepolitik brauche mer d'Verfassung net z'änneren.

D'Sprooch vum Land léieren ass jo och nëmmen dann eng logesch Fuederung, wann een d'Naturaliséierung als Integratioun an eng national Communautéit versteet. Vill Auslänner, déi hei wunne bleiwe, verstinn d'Naturaliséierung awer éischter als Verwuerzelung an enger neier Hémecht, op engem Stéck Buedem. Si wëssen, dass se subal net méi zréck an hiert Gebuertsland wäerte goen a wëllen dat matt deem Schrëtt dokumentéieren. Anerer froen d'Nationalitéit, well se un de politeschen Diskussiounen an Décisioune wëllen deelhuelen. An sulaang mer d'Walrecht un d'Nationalitéit bannen, statt et just un eng Residenzdauer ze koppelen, gëtt et keen anere Wee wéi dee vun der Naturaliséierung.

Dat selwecht gëllt fir eng Plaz beim Staat oder op der Gemeng. Obschons säit 2010 eng ganz Parti vun deene Plazen och fir Auslänner opstinn, sinn der anscheinend wéineg, déi eng kréien. Si mussen en Test an den dräi Verwaltungssprooche vum Land man. Ass dat villäicht d'Uersaach vum extrem héigen „Taux d'échec" an den Opnamexamen? D'Lat läit hei effektiv nach e Stéck méi héich wéi bei der Naturaliséierung, wéi d'Chambre de Commerce zu Recht kritiséiert, an di lëtzebuergesch Nationalitéit ass keng Garantie, dass een den Test och packt, oder deen dräifache Sproochentest wierkt einfach ofschreckend. Villäicht ass dat jo gewollt. Dobei brauch de Staat an enger Rei Beräicher héichkaräteg Fachleit, déi en an der Lëtzebuerger Populatioun net fënnt, fir Plazen, op deenen ee wéineg Lëtzebuergesch muss schwetzen, wéi als Informatiker oder Jurist.

Mä och fir d'Zukunft vum Land schéngt mer d'Abezéie vu méi Ausländer bei de politeschen Décisiounen déi eenzeg Chance, dass net nëmme no de Privilegie vun deene gekuckt gëtt, déi schons laang do sinn – an dozou muss ech mech och zielen –, mä fir dass och d'Chance vun onse Kanner a Kannskanner nët op éiweg verbaut ginn. Den aktuellen Débat ronderëm d'Renten oder dat onméiglecht Gestreits ronderëm d'Schoulreform si schéi Beispiller dofir. ◆




**Schenken Sie sich den Stress, verschenken Sie ein *forum*-Abo**

Für 42 Euro im Jahr erhält der Beschenkte 11 Ausgaben, gefüllt mit unabhängiger und offener Berichterstattung über Politik, Gesellschaft und Kultur in Luxemburg.

Mit einem Geschenkabonnement können Sie die Zeitschrift unterstützen und mithelfen, weiterhin ein qualitativ hochwertiges – in Luxemburg einmaliges – Informationsmedium zu erhalten. *forum* kommt nicht in den Genuss der staatlichen Pressehilfe, da das Redaktionsteam aus ehrenamtlichen Mitarbeitern besteht und nicht aus vollzeitbeschäftigten Fachjournalisten. Die Ausweitung unseres Abonnentenstammes ist daher für uns die einzige beständige Einnahmequelle.

Bitte schicken Sie uns dazu eine formlose E-Mail an office@forum.lu mit der Adresse der/des Beschenkten und Ihrer Rechnungsadresse oder rufen Sie uns unter 42 44 88 an.